Vote séparé sur l'article 8 de la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés 6644

Ech stellen also d'Fro, wien d'accord ass mat dem Artikel 8 a senger neier Form, dee géif mat Jo stëmmen, an dee wéi d'CSV der Meenung ass, dass ee sech do sollt enthalen, dee géif sech dee Moment enthalen.

Sou, de Vote ass lancéiert. De Quorum ass erreecht. D'Procuratioun. Ech ginn dovun aus, dass de Vote eriwwer ass.

Et hu mat de Procuratioune sech 59 Deputéiert um Vote bedeelegt. Mat Jo hu gestëmmt 37 Deputéiert. 22 hu sech enthalen.

Ech ka jo dovun ausgoen, dass d'Abstentioun motivéiert ass. Domat wär dann den Artikel 8 ugeholl. Mir hätten also een Deel vun den Änderunge schonn ugeholl.

Résultat définitif après redressement: l'article 8 de la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés 6644 est adopté par 37 voix pour et 23 abstentions.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Marc Hansen, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox (par Mme Christiane Wickler), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Se sont abstenus: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden (par M. Marcel Oberweis), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par Mme Nancy Arendt), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par M. Laurent Mosar), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Marc Spautz).

Vote sur l'ensemble de la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés 6644

Ech géif lech da bieden, iwwert den Ensembel vun den Änderungsvirschléi ofzestëmmen an ech géif direkt och de Vote lancéieren. De Quorum ass erreecht. D'Procuratiounen. Ech gesinn, de Vote ass ofgeschloss.

59 Deputéiert mat de Procuratiounen hu sech um Vote bedeelegt. Mat Jo hunn 38 Deputéiert ofgestëmmt an et hu sech nach 21 Deputéiert enthalen. Ech ginn dann dovun aus, dass dat esou ass. Et änert och net vill, esou dass mer dat dann esou gëlle loossen.

Résultat définitif après redressement: l'ensemble de la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés 6644 est adopté par 37 voix pour et 23 abstentions.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Marc Hansen, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox (par M. Claude Adam), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Se sont abstenus: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden (par Mme Nancy Arendt), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par M. Claude Wiseler), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par M. Laurent Mosar), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, et Michel Wolter (par M. Marc Spautz).

Och hei, vu dass et eis Initiativ ass, brauch ech d'Fro net no der Dispens ze stellen. Mir sinn awer duerchaus bereet, eng Rectification de vote nach ze maachen, wann dat gewënscht wär. Mä ech mengen emol, dat ass net de Fall.

Da géife mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen. Et geet ëm de Projet 6596 iwwert d'Prêten un den Internationale Währungsfong. D'Riedezäit…

(Interruptions)

Wann ech gelift, mir ware bis elo ganz disziplinéiert. Kommt, mir bleiwen et och!

D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An den honorabelen Här Marc Hansen, Rapporteur vun dësem Gesetz, huet d'Wuert. Bis elo sinn ageschriwwen: den Här Gibéryen an den Här Turpel.

8. 6596 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à octroyer au Fonds Monétaire International des prêts remboursables pour un montant maximum équivalent à 2,06 milliards d'euros

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Marc Hansen *(DP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet, iwwert dee mer elo schwätzen, ass e Gesetz, wat der Regierung d'Erlaabnis gëtt, fir dem FMI, dem Fonds Monétaire International, dem Internationale Währungsfong also, e bilaterale Prêt ze accordéieren, an dat an der Héicht vun 2,06 Milliarden.

2,06 Milliarden, ech mengen, dat si vill Suen. An ier ech op den Text selwer géif agoen, géif ech nach eng Kéier de Kontext erklären, wéi et iwwerhaapt zu dësem Gesetzesprojet koum.

Am Joer 2011, a besonnesch um Enn vun deem Joer - a mir erënneren ons heibannen alleguerten dorunner -, hate mer an der Europäescher Währungsuniouin eng zolidd Scholden- a Vertrauenskris an et ass souguer an der ëffentlecher Diskussioun an an de Medie vill iwwert de Fortbestand vum Euro oder souguer iwwert deem engen oder anere Member aus der Eurozon säi Fortbestand diskutéiert ginn. An dat natierlech mat deenen dramatesche Suiten, wat dat deemools mat sech bruecht hätt.

Fir deem deemools entgéintzewierken hunn d'Stats- an d'Regierungschefen op hirem europäesche Sommet vum 8. an 9. Dezember 2011 e ganze Koup u konkrete Mesuren décidéiert.

De 14. Dezember vun deem Joer ass den deemolege Premier, de Jean-Claude Juncker, hei an d'Chamber komm an en huet an enger Deklaratioun den Deputéierten d'Saach ausenanergeluecht.

A senger Ried huet deemools de Jean-Claude Juncker zu Recht drop higewisen, dass een dee Moment - nom Sommet an den do décidéierte Mesuren - nach laang net um Enn vum Tunnel wär, mä dass een op deem europäesche Sommet, an ech zitéieren elo d'Ried vum Jean-Claude Juncker vun deemools: „d'Schafung vun deenen noutwendege Grondviraussetzungen, déi ee brauch, fir Schrëtt fir Schrëtt, am Kader vun engem sech op laang Zäit hinzéiende Prozess, mat där Kris fäerdeg ze ginn", realiséiert hätt.

An der Deklaratioun huet den deemolege Premier och d'Opstocke vun de Ressourcë vum Internationale Währungsfong an der Héicht vun 150 Milliarden duerch d'Eurostaten als eng vun den décidéierte Mesurë presentéiert an en ass dovunner ausgaangen, dass d'Obligatiounen, déi op Lëtzebuerg géifen duerkommen, zwëschen 1,5 an 2 Milliarden Euro géife leien an dass ee sech an deene Méint duerno géif iwwerleeën, wéi een dat op der Lëtzebuerger Säit géif arrangéieren.

An der Chamber gouf dunn de Premier deemools gréisstendeels ënnerstëtzt an den 22. Juli 2013 huet de Finanzminister Luc Frieden de Projet de loi déposéiert, dee mer haut um Ordre du jour stoen hunn.

Fir Lëtzebuerg heescht dat also, 2,06 Milliarden zu deenen insgesamt 150 Milliarde bäizesteieren, a mir sinn da vun deenen 13 Länner, déi sech bereet erkläert hunn, dat lescht Land, wat de bilateralen Accord aktivéiert.

Et kann ee vläicht nach op dëser Plaz ënnersträichen, wat och an der Kommissioun gesot ginn ass, dass et am Fong eng gutt Initiativ war, fir den FMI mat an dës Operatioun eranzehuelen, well dat natierlech iwwert d'Eurostaten eraus och nach eng vill méi staark Implikatioun vun aneren Acteure mat sech géif zéien an een natierlech och vum Know-how an de Kompetenze vun dem FMI kéint profitéieren.

Esou vill zum Kontext. Iwwert de Gesetzestext selwer dann och nach e puer Explikatiounen op dëser Plaz.

Wéi fonctionnéiert et iwwerhaapt, dass mir 2,06 Milliarde mussen opbréngen?

Abee, d'Participatioun vun all Land un deenen 150 Milliarde gëtt berechent proportionell zu der Quote-part, déi dat respektiivt Land am Kapital vum FMI huet.

Fir et graff ze résuméieren, well dat eis soss ze vill wäit géif féieren: Déi Quote-parten, déi am Prinzip proportionell sinn zu dem Gewiicht vun engem Land an der Weltekonomie, gi regelméisseg iwwerschafft an och no Formele berechent, déi de PIB, awer och aner Facteure mat a Betruecht huelen. Eise staarke Finanzsecteur beaflosst d'Berechne vun där Quote-part natierlech ganz zolidd.

Egal wéi d'Formelen dann och elo sinn, am Moment leie mir bei enger Quote-part vun 0,277 am FMI an dat bedeit ëmgerechent, dass mer vun deenen 150 Milliarden 1,37% bezuele mussen, am Kloertext also déi 2,06 Milliarden, déi mer haut um Menü stoen hunn.

Fir lech nach e puer Beispiller aus der Tabell vun deenen 13 Länner ze zitéieren: Däitschland bezilt vun deenen 150 Milliarden 41,5 Milliarden, Frankräich huet der 31 ze bréngen an d'Belsch 9,99. Op där anerer Säit vun der Tabell hu mer Malta mat 0,26 Milliarden, Zypern 0,48 an d'Slowenen 0,91.

Wéi sinn elo d'Modalitéite vun deem Prêt?

Am Fong geholl ass dee Prêt kee richtege Prêt en tant que tel, mä eng Ligne de crédit, déi den Internationale Währungsfong zur Verfügung huet an déi de Fong esou kann unzapen, wéi hien d'Besoinen huet. D'Trésorerie vum Stat géif d'Suen transferéieren op de Kont vum FMI bei der Zentralbank.

Déi allerwichtegst Fro ass natierlech déi: Wéi héich ass d'Probabilitéit, dass den FMI déi Suen iwwerhaapt brauch? D'Äntwert ass: relativ niddreg bis onwahrscheinlech.

Ier nämlech den FMI op dëse bilateralen Accord zréckgräift, dee mer haut hei op dem Ordre du jour stoen hunn, huet en nach vill méi staark Moyenen zur Verfügung, déi en am Fall vun engem Besoin géif gebrauchen. An éischter Linn ass dat d'Basiskapital vum FMI, mat de multilateralen Accorden, déi den FMI huet, déi do hannendrukommen. An eréischt ganz zum Schluss, op der drëtter Plaz kéimen dann déi bilateral Accorden, wéi och haut Lëtzebuerg een décidéiert.

De Spezialisten no ass d'Probabilitéit deemno ganz kleng, dass et iwwerhaapt eemol zu där Situatioun kënnt. A wann et dann de Fall iwwerhaapt géif ginn, wär et och nach net sécher, dass et iwwerhaapt déi 2,06 Milliarden insgesamt géif ginn. Et muss een natierlech och derbäisoen, wann et eng Kéier zu deem Fall kéim, dass mer déi 2,06 Milliarde géife brauchen, géif dat implicitement och heeschen, dass wahrscheinlech déi 150 Milliarden, déi aner, och géife gebraucht ginn. An dann hätte mer schonn dramatesch Situatiounen, iwwert déi mer missten diskutéieren.

Weider Modalitéiten, déi zu dësem Accord gehéieren, sinn déi, dass den Accord mat de Verlängerungen dra bis maximal véier Joer dauert. An den Zënstaux, ech ginn och do net am Detail drop an, mä deen ass un d'DTS, d'Droits de tirage spéciaux gekoppelt, gëtt ëmmer erëm op en Neits gerechent an en hätt déi lescht Woch bei 0,13% geleeën.

De Statsrot dann, deen hat mam eenzegen Artikel aus dem Gesetz kee Problem, wat de Fong ugeet, ma éischter wat d'Formulatioun ugeet. Mir hunn dann och an der Finanzkommissioun d'Textpropos vun dem Statsrot ugeholl an de Rapport gouf unanime gestëmmt.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech ginn dann domadder hei och den Accord vu menger Fraktioun an ech proposéieren der Chamber, de Projet ze ënnerstëtzen.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Hansen. Den Här Roth, deen ech nach net op der Lëscht hat, mä wou ech awer gemengt hat, dee géif sech zu Wuert mellen: Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Gilles Roth *(CSV)*.- Jo, dass et séier geet, Här President. Ech wéilt dem Rapporteur, dem Här Hansen, Merci soe fir säi schréftlechen, awer och mëndleche Rapport. En huet zu Recht ënnerstrach, dass déi Moossnam sech hei an e Gesamthëllefspak aschléisst, fir den Euro ze retten. An an deem Sënn wëll ech dem Här Hansen och félicitéieren, dass en nach eng Kéier drun erënnert huet, dass de fréieren Eurogruppechef, nämlech de Jean-Claude Juncker, a fréiere Statsminister, dass deen enk associéiert war un dëse Moossnamen. Jo, „Ehre wem Ehre gebührt", nediert?

De Gesetzesprojet ënnersträicht am Fong awer och, dass mer eng Plaz hunn als Lëtzebuerg an der Weltekonomie, well eigentlech dee Bäitrag, dee jo opgedeelt ass no dem Verdeelungsschlëssel am Kapital vum Internationale Währungsfong, deen ass fir Lëtzebuerg vill méi grouss wéi eigentlech fir Länner, déi och opgezielt sinn, wéi d'Slowakei oder anerer. An den Här Hansen huet dat ënnerstrach, dass dat dermat ze dinn huet mam Impakt vun der Finanzplaz.

Dann ass et och esou, dass an dem Exposé des motifs vun dem Projet de loi ënnerstrach ass, dass dat hei eigentlech keng Inzidenz huet op d'Verscholdung vun eisem Land an och op den ëffentlechen Defizit. De Projet de loi gouf, wéi gesot, vun der fréierer Regierung nach abruecht, vun dem Finanzminister Luc Frieden, an duerfir wäerte mir als CSV, déi 23 Deputéiert, selbstverständlech geschlossen dëse Projet stëmmen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

(Brouhaha et hilarité)

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Roth. Den Här Franz Fayot huet sech d'Wuert gefrot.

M. Franz Fayot *(LSAP)*.- Jo, Merci, Här President. Ech géif och gären am Numm vu menger Fraktioun dem Rapporteur Marc Hansen félicitéiere fir säi ganz gudde mëndlechen a schréftleche Rapport zu dësem Projet de loi. Ech mengen, et ass alles gesot gi vu menge Virriedner. Dat ass eng Ausféierung vun enger internationaler Verflichtung vun eisem Land.

Et ass och drop insistéiert ginn, dass d'Probabilitéit, dass dës Prête gezu ginn, relativ kleng ass. Gott sei Dank ass d'Kris an der Eurozon haut net méi déi, wéi se nach virun e puer Joer war, esou dass een och net muss dovunner ausgoen, dass dee Prêt do jee gezu gëtt.

Ech mengen, ceci étant dit géif ech gären den Accord gi vu menger Fraktioun fir dëse Projet de loi.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Fayot. Dann huet d'Wuert den Här Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Merci, Här President. Och vun eiser Säit aus e Merci un de Kolleeg Marc Hansen als Rapporteur, deen och als President vun der Finanzkommissioun, muss ee fairerweis soen, sech relativ séier an déi ganz komplex Matière ageschafft huet.

Deen Accord, dee mer haut hei zur Diskussioun stellen an zur Ofstëmmung kréien, ass en Accord, deen der Regierung erlaabt, dem Fonds Monétaire International, dem FMI, e Prêt an Héicht vun 2,06 Milliarden ze accordéieren. Ech brauch net méi op d'Prozeduren anzegoen, dat huet de Rapporteur gemaach. Am Kader vun der Lutte géint d'Wirtschafts- a Finanzkris ass am Fong déi Décisioun geholl ginn.

Mäi Parteikolleeg Fernand Kartheiser hat och duerfir den 20. Dezember 2011, zum Zäitpunkt wéi dat diskutéiert an décidéiert ginn ass, eng Question parlementaire gestallt, wou en eng ganz Rei vu Froen am Detail gefrot huet an och deemools déi Äntwert kritt huet.

Ech wëll mech hei an deene fënnef Minutte kuerz mat zwee Punkten...

M. le Président.- Merci.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- ...befaassen. Dat eent, dat sinn d'Quotes-parts, déi Lëtzebuerg an de Fong muss bezuelen. Mir hunn dat och an der Kommissioun diskutéiert. An de Rapporteur huet och dat hei opgezielt, nämlech, datt Lëtzebuerg, wann een dat a Prozenter kuckt, mat 0,277% dorunner participéiert.

Ënner Prozenter stellt ee sech doranner net esou genau an esou villes vir. Mä wann een dat

emol an Euro ëmrechent an et kuckt een, wat pro Kapp hei zu Lëtzebuerg dann doranner bezuelt gëtt, wat déi 2,06 Milliarden ausmaachen am Fall, wou se géife gezu ginn, da géif dat hei zu Lëtzebuerg pro Awunner 3.836 Euro ausmaache bei enger Populatioun vu 537.000, also 3.836 Euro pro Kapp.

D'Belsch wieren déi Zweet mat 895 Euro, d'Hollänner mat 811, Éisträich 715, Finnland 693, Malta 660, Zypern 554, Däitschland 506. Also Lëtzebuerg läit siwen-, aachtmol pro Kapp méi héich wéi Däitschland pro Kapp an de Fong abezuelt. An eis franséisch Noperen, déi eis jo ëmmer wéinst der Finanzplaz vill kritiséieren - an d'Finanzplaz ass jo ee vun de Facteuren, firwat datt mer hei musse méi héich bezuelen -, bezuele 479 Euro pro Kapp. An da geet dat esou virun erof bis op d'Slowakei, déi ënne läit mat 288. D'Moyenne läit bei 492. A wéi gesot, Lëtzebuerg läit bei 3.836 Euro pro Kapp.

Här President, mir hunn duerfir eng Motioun preparéiert, wou ech de Kolleege vun der lénker „Groupe politique" eng leschte Kéier Merci soen, well mer an Zukunft déi Ënnerschréften net méi brauchen, fir datt d'Recevabilitéit kënnt.

(Interruption)

Elo hunn ech eng Motioun deponéiert, an där mer verlaangen, datt d'Regierung soll op deem zoustännegen Niveau nei Négociatiounen ophuelen, fir de Schlëssel, wat d'Lëtzebuerger Participatioun ass, ze iwwerschaffen an deem Sënn, fir datt Lëtzebuerg net méi esou vill muss pro Kapp, Bierger an dee Fong abezuelen, wéi dat och bei aneren internationalen Engagementer ass, wou Lëtzebuerg bäi Wäitem iwwert deem läit, wat déi aner Länner bezuelen.

En zweete Punkt, op deen ech wëll opmierksam maachen: Och wann hei gesot gëtt, datt déi 2,06 Milliarde mat grousser Wahrscheinlechkeet net wäerte gezu ginn an datt d'Lafdauer am Prinzip op véier Joer limitéiert ass, muss een awer wëssen, datt mer als Land en Engagement geholl hu vun zwou Milliarden. A mir hu virun annerhallwem Joer hei am Parlament och en Engagement geholl am Kader vum ESM, wou mer och Garantië ginn hu vun 1,7 Milliarden.

Dat heescht, mir mussen also wëssen, datt mer zu Lëtzebuerg 3,7 Milliarden Engagementer hunn, wou mer hoffen, datt déi net gezu ginn. Mä wa se gezu ginn, hu mir praktesch keen Afloss op d'Décisioun, mä mir mussen dat, wat op aneren Niveauen décidéiert gëtt, dann hei exekutéieren.

Dorunner géif sech dann och näischt änneren, datt dat, wat déi ëffentlech Schold ubelaangt, net géif berücksichtegt ginn, laut de SEC-95-Kritären. Wat am Fong och eng gelunge Strategie ass, well an Europa gi se sech ëmmer eens: Wa Gelder fir Europa an esou musse geléint ginn, da spille se am SEC 95 keng Roll, a wann ee se fir d'national Politik hëlt, da gi se berücksichtegt.

Här President, ech hätt nach een, zwee Punkten, mä ech loossen déi awer ewech, well ech mech awer wëll un déi nei Riedezäit halen. Ech wëll just soen, datt d'ADR prinzipiell d'accord ass, datt Lëtzebuerg participéiert um FMI. Mir hunn och an der Kommissioun eisen Accord ginn, datt mer sollen déi Sue ginn.

Mir hunn awer opgrond vun deene Chifferen, déi ech elo grad genannt hunn, wat d'Quotesparts ubelaangt, eng Motioun deponéiert a mir maachen eis Zoustëmmung ofhängeg dovun, ob déi Motioun ugeholl gëtt oder net. Merci.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- vu l'urgence avec laquelle il faut procéder à l'assainissement des finances publiques;

- considérant que la quote-part du Grand-Duché de Luxembourg au FMI est, par tête d'habitant, de loin la plus importante parmi les États membres;

- considérant que les contributions volontaires et obligatoires du Grand-Duché de Luxembourg sont, par rapport à celles d'autres pays, particulièrement importantes et représentent une dépense considérable à charge du budget de l'État;

invite le Gouvernement

- à initier des négociations visant à modifier la formule de calcul des quotes-parts dans le but de réduire la contribution luxembourgeoise à cet organisme international et d'assurer une plus grande équité entre les États membres.

(s.) Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser, Roy Reding, Justin Turpel, Serge Urbany.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Gibéryen. Dann huet d'Wuert den Här Justin Turpel.

M. Justin Turpel *(déi Lénk).-* Merci, Här President. Den FMI ass eng ganz Geschicht, wou ganz ville Leit op der Welt d'Grujelen ausginn, wa se dovunner héieren, déi et och schwéier ass, an zwou Minutten hei ze behandelen. Mä ech maachen esou kuerz wéi méiglech.

(Interruption)

Ech menge schonn.

Wa mer géifen e Weltgendaarm sichen, dee géif derfir suergen, datt deene Räichen näischt geschitt, datt se nach ëmmer méi kréichen, op d'Käschte vun der Majoritéit vun der Weltbevëlkerung, da wier den FMI deen ideale Kandidat dofir.

Mir wäerten dëse Projet de loi net stëmmen, well et entgéint deem, wat behaapt gëtt, hei net drëms geet, fir de Leit an de Kriselänner an der Eurozon ze hëllefen. Ech erkläre mech: Déi sougenannten „Troika", den FMI zesumme mat der EU-Kommissioun an der Europäescher Zentralbank, ass eent vun den Haaptinstrumenter, dat zur totaler Veraarmung vu Länner uechtert d'Welt bäigedroen huet an ëmmer nach bäidréit.

Ugaangen ass et mat de Strukturhëllefen, dem Ajustement structurel an Afrika, a Südamerika, mat desastréise Konsequenzen: drastesch Präissteigerungen an deene Länner fir Basisprodukter - Brout, Waasser -, d'Privatiséierung vun ëffentlechen Infrastrukturen, bis hin zu Hongerrevolten.

Elo solle mir dem FMI e remboursabele Prêt vun 2,06 Milliarden accordéieren, an déi grouss Koalitioun, mat där mer zu Lëtzebuerg konfrontéiert sinn, schéngt jo och unanime do derfir ze sinn. Wéi et am Projet de loi heescht, fir „déi ekonomesch a finanziell Kris an d'souverän Schold an Europa ze bekämpfen".

Eent vun deene Länner, wat bis elo am meeschte vun deenen Hëllefspäck profitéiert huet - soll hunn! -, ass Griichenland. Mä eng Hëllef fir d'Leit war et net. D'Hëllefspäck waren u Konditioune gebonnen, déi d'Kierzunge vu Léin a Pensiounen, d'Sträiche vu sozialen Transferten, déi massiv Privatiséierung vun ëffentleche Betriber an Allgemenggutt virgesinn.

Zënter datt Griichenland d'Programmer vun der Troika applizéiert, huet dat Land ee Véierels, 25% vu sengem BIP verluer. De Chômage ass ëm weider 18% geklommen, fir elo och bei 25% ze leien. An d'Statsschold ass op haut 176% vum BIP geklommen. An der Zwëschenzäit ass all véierte griichesche Bierger net méi am allgemenge System vun der Sécurité sociale dran.

A wa mer kucken, wou déi Suen hikomm sinn, sou sinn enger Etüd vun Attac Éisträich no vun deenen 207 Milliarden, déi bis Mëtt d'lescht Joer ausbezuelt gi waren, méi wéi ee Véierels un d'griichesch Banke gaangen; d'Halschent, 101 Milliarde bis zu deem Zäitpunkt, un auslännesch Banken a Fongen - woubäi ee sech muss d'Fro stellen: wéi vill, op jidde Fall an Däitschland, mä och op Lëtzebuerg? -, a just 43,7 Milliarden an de griichesche Budget, vun 207 Milliarden. Déiselwecht Zäit huet de griichesche Stat awer misse 34 Milliarden un Zënse bezuelen. Also ënnert dem Strëch gesi mer, wat do erauskomm ass.

Zënter datt d'Troika a Portugal hiert Onwiesen dreift, ass d'ëffentlech Schold vu 94% am Joer 2010 op 128% am Joer 2013 an d'Luucht gaangen. Parallell goufen 800.000 Aarbechtsplazen zerstéiert a méi wéi dräi Véierels vun de Portugisen a Portugal hu Schwieregkeeten, um Enn vum Mount nach auszekommen. Ëmmer méi Kanner leiden Honger, kommen a Spideeler. Spideeler, déi duerch d'Spuermoossnamen, déi se opgezwonge kritt hunn, awer net méi d'Mëttelen hunn, fir deene Leit adequat ze hëllefen.

Dat ass dat, wat weider geschéie wäert, wa mir där Politik eisen Accord ginn, esou wéi se an dësem Projet de loi dran ass.

Wat d'Verscholdung vun deene Länner ugeet, esou wier et natierlech wichteg, fir iwwert d'Alternativen ze diskutéieren, zum Beispill iwwert d'reell Ursaache vun der Kris a wéi een déi bekämpft. Mä ech ginn dervun aus, datt mer d'Méiglechkeet kréien, nach dorobber zréckzekommen.

Ech wëll zum Schluss awer eppes ervirsträichen, well mir mussen ons eppes bewosst sinn: Wann de sozialen Zesummenhalt an Europa a Fro gestallt gëtt, wann d'EU Sozialofbau, Aarmut a Chômage weiderdreift, wéi se dat bis elo gemaach huet, da wäerten ëmmer manner Leit Vertrauen an Europa hunn a se ginn ëmmer méi gedriwwen an d'Äerm vun deenen, déi no Nationalismen, Rassismen a rietsextremen Tendenze Politik maachen. Europa, net d'EU, Europa fënnt nëmmen dann d'Ënnerstëtzung vu senge Bierger, wa jiddwer Bierger a sengem Alldag positiv d'Auswierkunge vu Solidaritéit a sozialer Ofsécherung verspiert. An d'Politik vum FMI an der EU stinn deem am Wee.

Zur Motioun vun der ADR, déi mer pour appui mat ënnerschriwwen hunn, well dat bis elo nach ëmmer noutwendeg war, soen ech awer ganz kloer, datt mer déi Motioun net matdroen, well mer net d'accord sinn, fir datt den FMI dee Rôle spillt, deen e spillt, och wann et elo zu liichte Verschiebunge vun de Gewiichtungen tëschent de Länner kéim.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci och. Domat wär d'Diskussioun ofgeschloss an d'Regierung huet d'Wuert, den Här Finanzminister.

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.-* Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, als Kommentar zur Motioun vum honorabelen Deputéierte Gibéryen géif ech gäre Folgendes soen: D'Kontributioun vum Lëtzebuerger Stat beim FMI gëtt op objektiv Kritäre baséiert. Ech géif Iech gär déi véier Kritären hei opzielen. Déi hunn och alleguerten eng verschiddenaarteg Gewiichtung.

50% vun deem Kritär hänke vum PIB vu Lëtzebuerg of. Deen zweete Kritär ass den Degré d'ouverture vun eiser Wirtschaft, an Dir wësst jo, dass mer do bal Weltmeeschter sinn am Degré d'ouverture. Dee Kritär zielt zu 30%. An da gëtt eise Potentiel économique gekuckt an dat gëtt zu 15% bewäert. Schlussendlech ginn d'Réserves de change geholl zu 5%. An aus deem Calcul do kënnt dann eben eraus d'Kontributioun vu Lëtzebuerg.

Ech sinn der Meenung, an d'Regierung ass der Meenung, dass mer sollen dat, wat an den Traitéé steet, respektéieren. Déi Kritären, déi si fir all Mënsch d'selwecht. Si falen ebe fir eis op där enger Säit gënschteg aus, well mer esou gutt ekonomesch dostinn a well mer esou international opgestallt sinn. An et ass awer net, well dat eis elo net arrangéiert, well mer méi musse bezuelen, dass mer déi Kritäre sollen a Fro stellen!

Ech wéilt och ënnersträichen, dass mer doduerch, dass mer vill abezuelen, natierlech eng Visibilitéit hunn am FMI, déi méi grouss ass wéi eis kleng Gréisst. Aus all deene Grënn géif ech als Regierung soen, dass mer déi Initiativ, déi an der Motioun drasteet, fir d'Kritären a Fro ze stellen oder d'Kontributioun vu Lëtzebuerg a Fro ze stellen, net huelen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Finanzminister. Da wäre mer um Enn vun den Diskussiounen ukomm an ech géif zum Vote iwwergoen.

Une voix.- Vun der Motioun selwer?

M. le Président.- D'Motioun, jo, fir d'Éischt...

(Interruption)

D'Motioun hannendrun, jo.

(Interruptions)

M. Jean-Claude Juncker *(CSV).-* Här President!

M. le Président.- Jo, Här Jean-Claude Juncker.

M. Jean-Claude Juncker *(CSV).-* Här President, ech wëll hei net d'Regierungspolitik verteidegen. Mä ech hätt awer net ongär, wann d'Regierung hir Politik géif verteidegen, wat gläichzäiteg och eis ass. Ech fannen et net richteg, déi Presentatioun, déi hei vun eenzelne Riedner gemaach ginn ass, wéi wa mer hei einfach Sue géifen iwwert den Dësch drécken, ouni dass mer d'Noutwendegkeeten op der Plaz, an deene Länner, déi mer Programmländer nennen, am Kapp hunn.

Ech hunn zu deene gehéiert an Europa an doriwwer eraus, déi ganz skeptesch waren, dass den Internationale Währungsfong sech géif un deenen „Hëllefsaktiounen" - tëschent Gänseféisercher - bedeelegen, well ech gär gehat hätt, dass d'Europäer hir eege Problemer géife selwer léisen.

Déi integral Bereetschaft war ongenügend do, an duerfir hu mer eis och missen un den Internationale Währungsfong adresséieren, fir ze hëllefen, deen Erfahrung huet mat Programmer, déi musse bei Länner gemaach ginn, déi Hëllef vu bausse brauchen, während d'Europäesch Unioun an d'Eurozon déi Erfahrung en fait net hunn.

Mir hu mat deem Internationale Währungsfong - dat huet mech dräi Woche vu mengem Liewe kascht - Dag an Nuecht gestridden, fir dass se sollen an déi Finanzsolidaritéit antrieden. An déi, déi sech dergéint gewiert hunn, dat waren aner Länner, déi mer „emerging countries" nennen, wéi Indien, wéi China, wéi Russland, déi dergéint waren, dass den Europäer géif gehollef ginn.

D'Europäer hu sech also missen an de Gremien, am Board vun dem Internationale Währungsfong duerchsetze géint déi Länner, déi do d'Majoritéit hunn, jee nodeem wéi ofgestëmmt gëtt, fir dass mer déi Hëllefe fir Europa kéinte kréien. An duerfir ass et eng Obligation ardente! An et ass e Broch vun der Solidaritéit mat Griichenland, a besonnesch mat deenen aarme Leit a Griichenland, wann een dësem Projet de loi seng Zoustëmmung verweigert!

Wann d'Slowakei d'Zoustëmmung géif verweigeren, géif ech dat verstoen - ech géif et net verstoen, mä ech hätt Verständnis derfir -, well d'Slowakei huet e Mindestloun a Kannergeld, wat emol net d'Halschent vum griichesche Mindestloun a vum griichesche Kannergeld huet. Datselwecht ass fir Zypern de Fall, datselwecht ass fir Malta de Fall, datselwecht ass fir Slowenien de Fall.

Maacht Iech net méi aarm zu Lëtzebuerg, wéi Der sidd!

(Interruptions)

M. le Président.- Merci. Ech ginn dovun aus, och wann de Jean-Claude Juncker dat net esou preziséiert huet, dass dat Parole après ministre war.

(Interruptions)

An ech géif dann zum Vote iwwert de Projet iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6596 et dispense du second vote constitutionnel

De Vote ass lancéiert. D'Procuratioun ass amgaangen. De Vote ass ofgeschloss. 60 Deputéiert hunn um Vote deelgeholl, dorënner véier Procuratiounen.

De Projet 6596 ass ugeholl mat 55 Jo- géint 5 Nee-Stëmmen; et gëtt keng Abstentiounen. Domat ass de Projet adoptéiert.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden (par Mme Nancy Arendt), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker, Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par M. Laurent Mosar), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Marc Spautz);

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Marc Hansen, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox (par Mme Christiane Wickler), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ech géif d'Chamber froen, ob se d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vote gëtt.

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Motion 1

Da géife mer zur Motioun iwwergoen, bei där ech dovun ausginn, dass se genügend motivéiert ass.

Ass de Wonsch do, fir dozou Stellung ze bezéien?

Den Här Jean-Claude Juncker huet d'Wuert.

M. Jean-Claude Juncker *(CSV).*- Am Numm vu menger Fraktioun wëll ech soen, dass mer déi Motioun net kënne matstëmmen. Mir haten eng laang Verhandlung, Europäer mat deenen aneren Aktionäre vum Internationale Währungsfong, fir d'Quoten am Internationale Währungsfong frësch festzeleeën. Dat war eng grouss innereuropäesch Debatt. A wann elo ee vun de Memberstate vun der Europäescher Unioun, a fortiori vun der Eurozon, eng Redefinitioun vun der Quoteregelung freet a mir géife mat deem Antrag op Washington goen an do probéieren, eleng géint 191 aner Memberstaten ze verhandelen, da brauch et méi wéi eng Motioun, fir dat duerchzesetzen.

(Hilarité)

M. le Président.- Merci dem Jean-Claude Juncker. Weider Wuertmeldungen? Dat ass net de Fall. Da géife mer zum Vote iwwert d'Motioun iwwergoen.

Vote sur la motion 1

De Vote ass lancéiert. De Quorum ass erreecht. D'Procuratiounen. Ech gesinn, de Vote ass ofgeschloss. 60 Deputéiert hunn um Vote deelgeholl, dorënner Procuratiounen.

57 hu mat Nee gestëmmt, dräi mat Jo, keng Abstentiounen. Domat ass d'Motioun ofgelehnt.

Ont voté oui: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden (par M. Marcel Oberweis), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker, Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par Mme Nancy Arendt), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Françoise Hetto-Gaasch);

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Marc Hansen, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ech géif dann zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen. Et geet ëm de Projet de loi 6615 iwwert d'Accorden tëschent Lëtzebuerg an Drëttstaten am Beräich vum Fluchtransport. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Ageschriwwe si bis elo: déi Häre Wiseler, Graas a Kartheiser.

D'Wuert huet d'Rapportrice, d'Madame Claudia Dall'Agnol.

9. 6615 - Projet de loi portant approbation des Accords entre le Grand-Duché de Luxembourg et certains pays tiers concernant les transports aériens

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

Mme Claudia Dall'Agnol *(LSAP), rapportrice.*- Jo, Merci fir d'Wuert, Här President. Dir Häre Ministeren, Kolleeginnen a Kolleegen, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet 6615 gouf de 17. September d'lescht Joer scho vun eisem Ausseminister, dem Jean Asselborn, déposéiert. De Statsrot huet säin Avis dozou den 12. November d'lescht Joer ofginn. Doropshin huet d'aussepolitesch Kommissioun mech de 16. Dezember d'lescht Joer als Rapportrice bestëmmt.

De Projet de loi, den Avis vum Statsrot a mäi schrëftleche Rapport goufen den 20. Januar dëst Joer an der Kommissioun diskutéiert. A mäi Rapport, deen ech lech mëndlech virstellen, gouf dunn och do ugeholl.

Ëm wat geet et am Projet de loi? Ma, mir sollen eigentlech mam Vote, dee mer elo gläich huelen, fënnef bilateral Ofkommessen am Beräich vun der Loftfahrt guttheeschen. D'Accorde goufen ofgeschloss mam Cap-Vert, mat de Vereenegten Arabeschen Emiraten, dem Gabon, Tadschikistan an och dem Kongo.

Sënn an Zweck vun den Accorden ass et, e Kader ze schafen, fir de Fluchverkéier tëschent dëse Staten ze regelen an domadder och hir ekonomesch Relatiounen ze förderen.

Fir Lëtzebuerg geet et virun allem awer drëms, Bedéngungen ze schafen, fir d'Aktivitéit vun eisen nationale Fluchgesellschaften an dem Fluchhafen natierlech ze ënnerstëtzen an och weiderzëentwéckelen. Déi bilateral Ofkommesse maachen et eise Fluchgesellschaften, der Luxair, mä virun allem awer och der Cargolux méi einfach, fir Volen an déi betreffend Länner duerchzeféieren, ouni eben all Kéiers bürokratesch Hürde fir all eenzelne Fluch mussen ze huelen. An datselwecht gëllt dann natierlech och ëmgedréint, dat heescht, wann d'Fluchgesellschaften aus deene Länner, mat deene mer en Accord hunn oder ofschléissen, wann déi wëlle bei eis hei zu Lëtzebuerg um Findel landen.

Vu datt eise Fluchhafen ekonomesch wichteg ass an nach méi wichteg soll an der Zukunft ginn, ass et ebe sënnvoll, mat esou vill wéi méiglech Länner esou Accorden ze hunn am Virfeld, eben ier Flich opgeholl ginn, well déi Accorde bedeiten, wéi ech scho sot, manner Verwaltungsopwand fir d'Fluchgesellschaften, och méi Rechtssécherheet an natierlech och méi Planungssécherheet fir déi eenzel Fluchgesellschaft.

Duerch d'Vereinfache vun de Fluchbewegunge leeschte si natierlech och e Bäitrag fir d'Entwécklung vun der ekonomescher Kooperatioun tëschent eben deenen eenzelne Vertragsstaten. D'Accorden, iwwert déi mer haut ofstëmme wäerten, suivéieren och all d'Recommandatioune vun der OACI, der Organisation de l'aviation civile, an der CEAC, der Conférence européenne de l'aviation civile.

Fir d'Ausschaffe vun den Accorden ass zréckgegraff ginn op en Accord type ebe vun där OACI, an déi fënnef Accorden ähnele sech dofir natierlech och ganz staark a si sinn och net wesentlech anescht wéi déi Accorden, déi mer an der Vergaangenheet och hei an der Chamber scho guttgeheescht hunn.

D'Regierung, esou liest een am Exposé des motifs vum Projet de loi, ass amgaangen, weider esou Accorde mat Drëttstaten ze verhandelen. Iwwregens net méi spéit wéi haut hat Der alleguerten op Ärem Courrier électronique eng Lëscht vun deene Länner, mat deene mer esou en Ofkommes hunn, an och mam Datum, wéini dat geschitt ass.

Dir gesitt also och, wann ech soen, d'Regierung ass amgaangen, weider esou Accorden auszehandelen, datt mer an Zukunft nach méi dacks hei an der Chamber wäerten doriwwer diskutéiere respektiv mat esou Projets de loi befaasst ginn an der och musse stëmmen.

Nodeems mir dës Accorde ratifizéiert hunn, gi se bei der OACI - an där all déi fënnef Länner, mat deene mer haut en Accord ofschléissen, an natierlech och Lëtzebuerg Member sinn - enregistréiert. Esou vill zum Inhalt vum Projet de loi.

Elo zum Avis vum Conseil d'État, dee keng gréisser Problemer mat dësen Ofkommessen huet. E mécht allerdéngs drop opmierksam, datt d'Annexen, déi an den Accorde mam Cap-Vert, den Emiraten, dem Tadschikistan an dem Kongo virgesi sinn, wuel kënnen duerch d'Vertragsparteie geännert ginn, mä datt all aner Modifikatioun vun de fënnef Accorde muss duerch d'Chamber goen.

Voilà, ech mengen, dëst gesot, hunn ech a groussen Zich duergeluecht an lech och probéiert ze erklären, ëm wat et hei geet a firwat esou Accorde wichteg sinn. Ech hoffen natierlech, datt Dir dat d'nämlecht gesitt. Ech hoffen op Aert Averständnis.

Ech ginn op alle Fall den Accord vun de Sozialisten zu dësem Projet de loi an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och der Madame Rapportrice. Als éischte Riedner huet den Här Claude Wiseler d'Wuert.

Discussion générale

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Merci, Här President. Ech wëll och ufänken, andeem ech der Madame Rapportrice Merci soe fir hire mëndlechen a schrëftleche Rapport. Ech mengen, déi Type vun Accorde si jo een Deel vun enger Aviatiounspolitik, deen eis ganz einfach erlaabt, de Findel, eise Fluchhafen, attraktiv ze gestalten, andeem mer deene Gesellschaften, déi hei landen, ob dat elo nationaler sinn oder ob dat anerer sinn, déi administrativ Weeër esou liicht wéi méiglech maachen, fir datt et einfach geet a fir den Développement vum Fluchhafen esou weiderzëentwéckelen.

Mir haten och eng interessant Diskussioun an der Kommissioun doriwwer. Mir kruten och gëschter oder haut eng Lëscht vun deenen Accords aériens, déi gemaach gi sinn.

Ech wëll just nach eng Kéier déi aner Diskussiounen, déi mer an der Kommissioun haten, widderhuelen, well et mer awer géif interessant schéngen, éischtens, elo ze wëssen, wéi d'Regierung sech agedeelt hätt: ob dann den Transportminister op där enger Säit oder den Affaires-étrangères-Minister an Zukunft sech géif ëm deen do Typ vu Konventioune respektiv vun Accorde bekëmmeren. Dat ass déi éischt Fro.

Déi zweet Fro: Et wär och natierlech net oninteressant ze wëssen, wéi an Zukunft d'Politik vun deenen Traitéen am Allgemenge gemaach gëtt an a wat fir enge Perspektive mat wat fir enge Länner d'Regierung an Zukunft wëlles hätt, sech ze bewegen. Dat ass och en Deel vun der Strategie, déi déi Gesellschaften, déi um Fluchhafe sinn - Cargolux an anerer - hunn. Ech mengen, dat wär schonn interessant, dat ze wëssen.

An déi lescht Fro, dat wär déi, wat fir eng Accords aériens, déi haut ënnerschriwwe sinn, also op där Lëscht sinn, déi mer kruten, och nach d'application haut sinn, respektiv wat fir eng en désuétude gefall sinn. Dat muss elo net haut selbstverständlech beäntwert ginn, well ech ka mer virstellen, datt den Transportminister dat net alles auswenneg am Kapp huet. Nach wär et flott, eng Kéier eng Diskussioun iwwert déi ganz Politik do ze féieren.

Ech halen op, andeem ech soen, datt ech selbstverständlech den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Text ginn.

Merci.

M. le Président.- Merci dem Claude Wiseler. Als Nächsten huet den Här Gusty Graas d'Wuert.

M. Gusty Graas *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och wann et sech hei ëm e relativ klenge Projet handelt, esou däerf een awer net vergiessen, datt en awer eng grouss ekonomesch Wichtegkeet huet, besonnesch fir d'Aviatioun och hei zu Lëtzebuerg. Et ass also evident, datt d'Demokratesch Partei deem Projet hei och hir Zoustëmmung gëtt.

Ech wëll awer och nach der Rapportrice, der Madame Claudia Dall'Agnol, Merci soe fir de mëndlechen an och schrëftleche Rapport, a wéi gesot selbstverständlech d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun ginn.

Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Gusty Graas. Als nächste Riedner ass den Här Fernand Kartheiser ageschriwwen.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Jo, villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, och vun eiser Säit aus e grousse Merci un d'Rapportrice fir hire ganz kompletten an interessante Rapport.

Mir hätten nach eng spezifesch Fro un d'Regierung an dësem Kontext, niewent deenen, déi den Här Wiseler scho gesot huet, nodeems en dat rekapituléiert huet, wat mer an der Kommissioun diskutéiert haten.

Déi Fro, déi mir eis och stellen, ass: Wa mir déi Accorden hei négociéieren, dann ass jo och natierlech d'Fro - mir maachen dat am Interessi vun eisen eegene Linnen hei, dat ass jo och vu verschiddene Kolleegen hei betount ginn -, mä besteet net d'Gefor, datt anerer vun deenen Accorde mat profitéieren, déi net deeneselwechte strengen Oplagen ënnerleie wéi eis Lëtzebuerger Fluchgesellschaften, an datt et doduerch zu enger Concurrence déloyale ka kommen?

Wann dat de Fall ass a wann d'Regierung déi Gefor och gesäit, dann ass natierlech eis Fro: Wat mécht d'Regierung, fir eng Concurrence déloyale géigeniwwer de Lëtzebuerger Fluchgesellschaften am Kader vun esou Accorden ze verhënneren?

Dat gesot an déi Fro gestallt, wëll ech nach eng Kéier betounen, datt mir déi Accorde selbstverständlech matstëmmen, well och mir ënnerstëtzen de Fluchhafen an eis Fluchgesellschaften am Interessi vun eiser Ekonomie.

Villmools Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Kartheiser. Domat hätt d'Regierung d'Wuert. Här Bausch, Dir hutt d'Wuert.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Merci, Här President. Ech wëll emol fir d'Éischt am Numm vun der Regierung all deene Merci soen, déi dee Projet hei ënnerstëtzen. Dat schéngt jo d'Unanimitéit ze sinn. Dat freet d'Regierung natierlech.

Zu deene puer Froen, déi gestallt gi sinn, emol déi éischt Fro. Ech fänken e bëssen duerjerneen un, wéi ech mer se hei séier opgeschriwwen hunn. Dem Här Wiseler seng Fro iwwert déi Accords aériens, déi en vigueur sinn: Déi Lëscht, déi Der jo kritt hutt, wéi vill datt der do wierklech nach a Kraaft sinn, dat, muss ech lech soen, kann ech lech net elo einfach esou beäntwerten. Dat muss ech nokucken. Mä ech ginn lech awer gär déi Äntwert, wann ech dat nogekuckt hunn.

Dat Zweet ass déi Fro vun de Kompetenzen. Ech mengen, et ass esou, datt an der Vergaangenheet dat ëmmer e bësselchen hin- an hiergaangen ass, eng Kéier sinn déi Accorden iwwert den Ausseministère gelaf, déi aner Kéier iwwert den Transportministère gelaf. An dat soll awer elo änneren. Et war haut elo duerch Zoufall, datt ech hei sinn, well den Ausseminister verhënnert ass a mech gebieden huet, heihinnerzekommen.

Ech hu mer de Projet selbstverständlech och ugekuckt, well e mech jo och interesséiert en vue vun där Kompetenz, déi ech nun awer eemol hunn, dat ass de Fluchhafen an déi ganz Aviatioun. An ech wäert mech mam Här Asselborn elo kuerzschléissen an deenen nächste Wochen, fir datt mer dat definitiv ee fir alle Mol klären.

Meng Meenung ass, datt et am beschte wär, datt dat Ganzt bei mir am Ministère wär, well ech mengen, dat géif méi Sënn maachen, vu datt jo de Rescht vun der Aviatioun oder de Gros vun der Responsabilitéit vun der Aviatioun och do läit, och d'Kontrollinstanzen an deem Ministère sinn an dat méi Sënn gemaach hätt.

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Ech deelen déi Meenung.

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Mä ech mengen, mir sollen dat kucken an deenen nächste Wochen. Merci!

Dann nach déi Fro vum Här Kartheiser. Bon, et ass esou, datt, wann ee kuckt, mat wiem mer déi Accorden hei ofschléissen, da mengen ech, dann ass an deem heite Fall de Risiko relativ kleng, datt dat doten elo zu Concurrence déloyale kéint féiere fir Lëtzebuerg. Ech mengen éischter, datt et hei ëmgedréint de Fall ass. Cap-Vert, Gabon, ech mengen, dat si Länner, déi net derfir bekannt sinn, datt se risegrouss Fluchgesellschaften hätten, déi elo géife weltwäit operéieren. Ech mengen, dat ass sécher net de Fall.

Prinzipiell hutt Der awer net onrecht, datt ee sech dat soll ukucken an datt ee soll oppassen, wat ee mécht. Ech muss awer och soen, an der Aviatioun gëtt et awer - haaptsächlech, wann ech elo d'Europäesch Unioun huelen - och relativ streng Reglementatiounen, an et muss ee ganz vill Zertifikatiounen hunn, fir iwwerhaapt kënnen an Europa ze fléien. Dat ass net esou einfach. Et kann een net einfach esou an Europa landen eleng duerch de Fait, datt mir géifen en Accord aérien ofschléissen zum Beispill elo an deem heite Fall mat iergendengem Land. Also, hei geet et ganz kloer drëms, datt et an eisem Intérêt ass, datt dat gemaach gëtt.

Ech wëll och derbäisoen, datt d'Accords aériens och oft éischt Kontaktopnahme si mat Länner, fir iwwerhaapt bilateral wirtschaftlech Bezéiungen ze kréien, well de Loftverkéier, dat ass e bëssen d'Porte d'entrée, a wann ee bis do eng Dier opgestouss huet, dann huet een d'Dier och opgestouss fir aner ekonomesch Échangen.

Mä wéi gesot, fir de Rescht ginn ech lech awer recht, datt een dat soll am A behalen an datt ee muss oppassen, datt do net et zur Concurrence déloyale kënnt.

M. le Président.- Merci och dem Här Bausch. Mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6615 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6615 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung geet un. De Quorum ass erreecht. D'Procuratiounen. De Vote ass ofgeschloss. 59 Deputéiert hu sech um Vote bedeelegt, 59-mol Jo. Domat ass de Projet 6615 unanime ugeholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6615 est adopté à l'unanimité des 60 votants.